N° 8106
Entrée le 27.06.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 27.06.2023

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 26. Juni 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

*„Den däitsche Raiffeiseverband huet seng Prognos fir d'Recolte vu Kären erofgesat, an zwar ëm 1,2 Milliounen op 42 Milliounen Tonnen. Och beim Raps géif d'Recolte manner staark ausfalen. Effektiv, zanter Mëtt Mee huet et quasi néierens méi gereent; dat féiert zu Dréchestress an dréckt d'Erträg erof. An der EU leide momentan quasi all Länner ënner der Dréchent, besonnesch awer Polen, déi baltesch Länner a Skandinavien.*

*An deem Kontext wollte mer den Här Landwirtschaftsminister folgendes froen:*

- *Wéi schätzt den Här Minister d'Lag hei zu Lëtzebuerg de Moment an? Wat fir eng Kulture si manner resistent a besonnesch vun der Dréchent betraff?*

- *Bei wat fir enge Kulture riskéiert et zu irreparabele Schied ze kommen?"*

Mat déiwem Respekt,

André Bauler
Deputéierten

Gusty Graas
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8106 vun den éierbaren Deputéierten André Bauler an Gusty Graas**

**Wéi schätzt den Här Minister d'Lag hei zu Lëtzebuerg de Moment an? Wat fir eng Kulturen si manner resistent a besonnesch vun der Dréchent betraff?**

Allgemeng kann een zur Zäit Folgendes feststellen:

Op eisen déifgrënnege Biedem laanscht d'Musel ginn et bis well keng Problemer. Souguer Riewen, déi e puer Joer hannertenee mat Dréchestress geplot sinn, iwwerliewen dat ënner der Bedingung, datt den Ertrag reduzéiert gëtt.Jonk Wéngerte par konter musse bewässert ginn, soss iwwerliewen d'Planzen dat net.

Och bei Uebst a Geméis kënnt de Produzent meeschtens leider net derlaanscht, aktiv bei Zäite vu längerer Dréchent ze netzen. Beim Uebst sinn natierlech och ganz besonnesch déi jonk Beem betraff. Mee an allen intensiven Uebstanlagen ass eng Bewässerung wichteg fir eng gutt Recolte ofzesécheren. Bei ville Geméiszorte leiden d'Qualitéit an de Rendement direkt no och enger kuerzer Dréchent. Dëst wëssen d' Betriber, déi am Secteur täteg sinn, an hunn oder sinn amgaang sech och deementspriechend anzeriichten. Hei bleift awer d'Problematik, dass Waasser keng onerschëpflech Ressource ass, zu där den Zougang illimitéiert ass. Op dësem Themefeld schaffe momentan de Landwirtschaftsministere an den Ëmweltministere zesumme mam Secteur fir Léisungen ze fannen.

An der Landwirtschaft huet d'Recolte am Kärebau ongeféier eng Woch méi fréi ugefaange wéi am Duerchschnëtt vun de Joren. Vum Secteur kennt d'Réckmeldung, datt d'Recolte an der Wantergeescht méi schlecht ausfält wéi am Ufank geduecht, de Kär ass kleng, Stréi gëtt et awer vill. D'Wanterkulturen hunn am meeschte vum Waasser am Fréijoer konnte profitéieren.

Dëst Joer hu virun allem d'Summerkären ënnert der Dréchent gelidden. Duerch dat naasst Fréijoer konnten dës Kulturen eréischt méi spéit ausgeséint ginn, an do huet virun allem am Mee an am Juni Reen gefeelt. Am Gréngland an am Feldfudderbau konnt eng gutt éischt Coupe gemaach ginn, et ass awer net vill un Ertrag nokomm. Wisen a Weede sinn nach zum Deel gréng, den Zouwuess ass awer quasi op null.

Eng Pressekonferenz vum Landwirtschaftsminister mam Secteur, wou en genaue "Bilan des récoltes" gemaach gëtt, ass vir den 13te September festgesat. Et ass nach wierklech ze fréi fir eng definitiv Ausso zum Karschnatz 2023 ze maachen.

**Bei wat fir enge Kulture riskéiert et zu irreparabele Schied ze kommen?**

Zu irreparabele Schied ass et an de Summerkäre komm. De Mais huet och mat der Dréchent ze kämpfen, an et weess een nach guer net ewéi dat ausgeet, mee déi kleng Reeschauere vun de leschte Wochen hëllefe ganz vill. Regional a souguer lokal ginn en ganz grouss Differenzen an de Kulturen, vu schlecht bis ganz gutt.

Lëtzebuerg, de 14. Juli 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN